



Léif Guiden a Scouten,

Den 2. Juli huet de Grupperot vun Dikrech eis, dem LGS Comité, ee Bréif geschéckt, op dee mir hinnen, an Iech, gäre géingen äntwerten.

De Kongress huet dem Comité am Oktober 2017 d'Mandat ginn de Verband bis 2020 ze leeden. De Comité stellt sech all Joer dem Kongress Ried an Äntwert, presentéiert déi geleeschten Aarbecht, a stellt seng Projet 'en fir dat nächst Joer vir.

- **Nei Visual Identity vun den LGS**

Um Kongress 2018 gouf de Programm 2018/2019 an de Budget 2019 virgestallt, mat deenen eenzelen Departementer, ënnert anerem dem Budget vir déi nei Visual Identity. De Budget gouf mat däitlecher Majoritéit ugeholl (Rapport vum President vum Verbandsrot).

Dorops hin, huet d'Team sech mat der PR Ekipp zesummegeat an eng Virgehens Aart a Weis festgehalten. Kloer war direkt, dass eng professionell Firma géif drop ugesat ginn, well alles aneres de benevole Kader géif sprengen. Sou goufe 6 Graphikdesigner kontaktéiert, eis e puer Beispiller vun hirer Aarbecht zoukommen ze loosse an sou schonn eng Virauswahl ze maachen.

Esou wuel de Comité ewéi de Verbandsrot, dem Kontrollorgan vum Verband, sinn iwwert den aktuelle Stand informéiert ginn a konnten hiren Input matdeelen.

Währenddem huet d'PR Ekipp sech am Hierscht/Fréijoer 2018/2019 mat den eenzele Verbandsekippe getraff vir op d'Besoin'en a Wënsch vun den eenzelen Ekippen anzegoen. Aus deem Input ass ee Cahier de Charge opgestallt ginn, deen 3 Agencë geschéckt gouf.

Déi dunn den Optrag kruten eis eng nei visuell Identitéit fir LGS ze proposéiere mat folgende Konditiounen:

- Et soll eppes Eenheetlech geschaf ginn a soumadder och mol international Faarfcoden ob eist Verbandsoofzeeche festgeluecht ginn.
- Eist Verbandsofzeechen dierft just minimal ugepasst gi well mir eise Gruppe keng finanziell Belaaschtung wëllen duerch en "neit" Verbandsofzeechen operleeën. Alles wat no der Fäerdegstellung vun der gemeinsamer visueller Identitéit an Optrag geet soll da just nach mat deem Verbandsofzeeche gemaach ginn. Material mam aktuelle Verbandsofzeeche kann a soll weiderhi benotzt ginn, bis et souwisou muss ersat ginn.

Déi 3 Agencen hunn hier Propose der PR Ekipp virgestallt, an d'PR-Ekipp huet dëst am Comité presentéiert, an hier Recommandatioun ofginn. De Comité war prinzipiell mat der Propose averstanen. D'Commissairë wollten d'Proposë vun de Branchelogoen an hiren Ekipp beschwätzen. Nom Feedback vun de Branchecommissären, huet d'Agence hier Proposen nach eng Kéier iwwerschaft.

Mir hunn eis am Comité och d' Fro gestallt ob dëst eng Statutenännerung wier oder net.





Vue dass, weder de Faarfcode exakt, nach eist Verbandsoofzeechen am Text genauestens definéiert ass an déi dorënner ofgebilde Fleur de Lys, weder deem entsprécht wat driwwer steet, nach en Element ass wat vun Ufank un an de Statute festgehale gouf, war et fir eis keng Statutenännerung. Mir sinn domadder bei de Verbandsrot gaangen, dee laut dem Opbau vum Verband de verlängerten Aarm vum Kongress ass, a soumat seet ob eng Ofstëmmung um Kongress dofir néideg ass, respektiv an dësem Fall eng Statutenännerung misst duerchgezu ginn oder net.

Och de Verbandsrot ass der Meenung dass dës minimal Upassung vum Verbandsofzeechen keng Statutenännerung ass.

Well elo awer vill Informatiounen ronderëm geeschteren a fir dëst richteg ze stelle fannt dir hei drënner elo déi "nei" Variant vum Verbandsofzeeche wéi se um Chefdag wäert presentéiert ginn.

Déi nei Visual Identity beschränkt sech net op eng liicht Upassung vum Verbandsofzeechen.

Virun allem ginn de Gruppen déi néideg informatesch Support'e zur Verfügung gestallt fir hire Bréifpabeier an Homepage kënnen eenheetlech duerzestellen.

D'Branchenlogoen déi entworf gi sinn, glidderen sech un déi nei Methoden un. D'Publikatiounen vun den LGS, souwei d'PR-Material, etc... ginn der neier Bildwelt ugepasst. D'Upassung vum Verbandsofzeechen ass also just ee klengen Deel vum Rebranding, deen an der Kritik steet.

- **Grouss Projet'en vum Verband**

Verschiede Projet'en waren am Oktober 2017 scho lancéiert, aner Projet'en waren noutwenneg vir ee roude Fuedem an de Verband ze bréngen.

Op Ureegung vum Kongress 2018 ass een Aarbechtsgrupp zum Versprieche gegrënnt ginn, deen sech am leschte Joer oft getraff huet. 3 regional Versammlungen fir een Echange mat de Cheffen ze fërdere sinn organiséiert ginn. Elo steet eng Propose vun engem Verspriechenstext, déi un d'Gruppecheffe verschéckt ginn ass, an un déi responsabel Campchef, fir och hei ee breede Feedback ze kréien. D'Verspriechensekipp freet sech iwwert äre Feedback, esou dass op engem ordinären oder extraordinären Kongress am Joer 2020 iwwert eng Propose gestëmmt ka ginn.

Mir si frou dass d'LGS ee liewege Verband sinn, wou d'Memberen sech abréngen. Déi aktuell Statute gesi verschidde Formen vun der Bedeelegung vir, an een Aarbechtsgrupp ass amgang zënter enge rëtsch Joren dës Statuten z'iwwerschaffen. Wann dir eng méi direkt Bedeelegung vun de Cheffe wëllt, kennt dir gären am Statutengrupp matschaffen, a Proposen eraschécke fir z.B. ëffentlech Debate mam Comité oder och Membersbefroungen an d'Statuten ze schreiwen. Mellt Iech einfach bei statuten@lgs.lu, jiddereen ass wëllkomm.





Ewéi sot eise Grënner: “Learning by doing”, an och mir probéieren d’Welt, an an dësem Fall de Verband, e bësse besser ze verloosse wéi mir e virfonnt hunn.

Fir de Comité

Anouk an Ivo



Lëtzebuenger
Guiden a Scouten